ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 18. Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

Reegelméisseg gi laanscht ons Stroossen nei jonk Beem geplanzt. Wéinst der Dréchent, déi lescht 2 Joer iwwer, bleift et net aus, datt dës musse periodesch genetzt ginn.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un den Här Minister riichten:

1. Wéi vill Beem goufen déi lescht 5 Joer, pro Joer, laanscht ons Stroossen nei geplanzt?
2. Wéi vill vun dëse Beem hu missen erëm nei ugeplanzt ginn?
3. Wat waren d'Ursaache firwat dës Beem net konnte Fouss faassen z.B. Dréchent, schlechte Standuert, Qualitéit asw.?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique